ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 2. Juni 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch an un d'Madamm Banneministesch weiderzeleeden.

An eisem Land ginn et eng Rei vu Gebailechkeeten, déi an der Gréngzon gebaut sinn. Eenzeler besti scho säit Joerzéngten, anerer si méi rezent gebaut ginn.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch an un d'Madamm Banneministesch:

1. Gëtt et eng Opstellung, wéi vill Gebailechkeeten an der Gréngzon leien?
2. Wa jo: Wéi ënnerdeelen sech déi eenzel Gebailechkeete jee no hirer Notzungsaart - Haiser, Häff, Fabricken, respektiv, Gebailechkeeten, wou d'Notzungsaart net definéiert ass - am ganze Land an opgeschlësselt op d'Kantoner?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten